# Le caractère urgent de la question a été reconnu (15.12.2020)

n° 3311

Här Fernand Etgen
President vun der Chamber
Lëtzebuerg, den 15. Dezember 2020

REÇU
Par Alff Christian , 16:27, 15/12/2020

Här President,

Esou ewéi den Artikel 84 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech dës urgent parlamentaresch Fro un den Här Staatsminister an un d'Madamm Inneministesch weiderzeleeden.

Mat de Covid-Gesetzer ass ënnert anerem de Couvre-feu vun 23 bis 6 Auer verlängert ginn. Doriwwer eraus sot d'Madamm Gesondheetsministesch bei der Debatt iwwert d'Verlängerung vum Covid-GEsetz: „Et ass elo net Zäit fir ze feieren."

An deem Zesummenhang wollt ech dem Här Staatsminister an der Madamm Inneministesch dës Froe stellen :

- Ass mam Couvre-feu och automatesch kloer, datt ee Freedefeier op ëffentlechen a privaten Terrainen duerch dëse Couvre-feu verbueden ass?

- Wéi steet d'Regierung zu de Freedefeier op Silvester dëst Joer?

- Wéi sollen d'Leit hir Responsabilitéit wouer huelen, wann ee Feierwierkskierper ausserhalb vum Privatterrain ukënnt?

- Ass an dem Sënn eng eenheetlech Positioun, Kommunikatioun a Recommandatioun vun der Regierung un d'Gemengen geplangt, vu datt ëmmer méi Gemenge op hirem Territoire spezifesch elo um Joresenn d'Ofschéisse vu Feierwierkskierper verbidden, dëst aus Grënn vu Sécherheet a Salubritéit, Déiere- an Ëmweltschutz?

Mat déiwem Respekt,

Nancy Arendt

Deputéiert

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère d'État

Luxembourg, le 16 décembre 2020

**REÇU**
*Par Alff Christian , 11:14, 16/12/2020*

Monsieur
Marc HANSEN
Ministre aux Relations avec le Parlement
LUXEMBOURG

**Objet:** **Réponse commune de Monsieur le Premier Ministre, Ministre d'État et de Madame la Ministre de l'Intérieur à la question parlementaire urgente n°3311 posée par l'honorable Députée Madame Nancy ARENDT au sujet du lancement de feux d'artifice en période de crise sanitaire.**

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous faire parvenir en annexe la réponse commune à la question parlementaire urgente n°3311 du 15 décembre 2020 de Madame la Députée Nancy ARENDT.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de ma haute considération.

Le Premier Ministre

Ministre d'État

**Äntwert vum Här Premierminister, Staatsminister a vun der Madame Inneministesch op déi urgent parlamentaresch Fro n°3311 vun der honorabeler Deputéiert Nancy ARENDT zum Sujet Freedefeier während dem couvre-feu**

Déi honorabel Deputéiert freet Informatiounen zum Ofhale vu Freedefeier, ënner anerem am Kontext vun der Covid-19 Pandémie.

D'Covidgesetz ass mam Gesetz vum 15. Dezember[1] ofgeännert a bis de 15. Januar 2021 verlängert ginn, an soumat och d'Ausgangsspär vun 23:00-06:00 . Dat heescht, dass et während där Zäit verbueden ass op der Voie publique ze zirkuléieren wat als Konsequenz huet, dass ee während där selwechter Zäit kee Freedefeier am ëffentleche Raum ka schéissen.

Et ginn awer doriwwer eraus och nach speziell legal Dispositiounen iwwer d'Freedefeier.

Den Artikel 553-1 vum Code pénal bestrooft déi Leit, déi sech net un e Verbuet hale fir Freedefeier ze schéissen, mat enger Amende vu 25 bis 250 Euro. Et ass wichteg ze präziséieren, dass dësen Artikel d'Schéisse vu Freedefeier net verbitt, mee viraussetzt dass de Verbuet vun enger anerer Norm virgesinn ass, wéi z.B. vun engem Gemengereglement.

D'Gemengeautoritéite kënnen, op Basis vun den Dekreter vu 1789 a 1790, sou wéi den Artikelen 29, 58 a 67 vum ofgeännerte Gemengegesetz vum 13. Dezember 1988, déi noutwenneg Mesuren huelen, fir d'ëffentlech Sécherheet an d'Rou vun de Biergerinnen a Bierger ze garantéieren. Duerch d'Gemengenautonomie kënnen déi Mesure vu Gemeng zu Gemeng verschidde sinn.

D'Schéisse vu Freedefeier ass a ville Gemengen, an deene meeschte Fäll verbueden a just ausnamsweis ënner verschiddenen Ëmstänn a Konditiounen erlaabt. Verschidde Gemengen hunn ugefaangen, Alternativen ze erlaben, fir bei feierlechen Evenementer d'Schéisse vu Freedefeier zum Beispill duerch "Light shows" a "Light painting" z'ersetzen.

D'Regierung huet keng Pläng, fir d'Schéisse vu Freedefeier anescht ze reegelen oder z'adaptéieren. Vu dass de legale Kader de Gemenge bekannt ass a vill vun hinnen entspriechend Reglementer hunn, ass et de Moment net néideg fir Recommandatiounen un d'Gemengen ze ginn.

[1] Loi du 15 décembre 2020 modifiant : 1° la loi modifiée du 17 juillet 2020 sur les mesures de lutte contre la pandémie Covid-19 ; 2° la loi modifiée du 1er août 2018 sur la déclaration obligatoire de certaines maladies dans le cadre de la protection de la santé publique.